



Le Ministre

Luxembourg, le 7 avril 2021

REÇU  
Par Christine Wirtgen, 09:37, 07/04/2021

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
43, boulevard F.D Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

**Objet : Réponse de Monsieur le Ministre des Sports à la question parlementaire n° 3745 de l'honorable Député Madame Cécile Hemmen au sujet de la Coupe du monde de football 2022 au Qatar**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire N°3745.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

**Réponse de Monsieur le Ministre des Sports à la question parlementaire n° 3745 de l'honorable Député Madame Cécile Hemmen au sujet de la Coupe du monde de football 2022 au Qatar.**

Wat de sportlechen Deel ubelaangt, sief virop präziséiert datt de Weltverband FIFA, schonn den 2. Dezember 2010 bekannt ginn huet, datt d'Fussballweltmeeschterschaft 2022 am Katar stattfanne wäert. De Katar huet sech deemools schlussendlech géint d'USA, Südkorea, Japan an Australien duerchgesat. Datt dëst, op Grond vu villen Ëmstänn, och haut nach héchst ëmstridden a kontrovers war, ass net vun der Hand ze weisen.

Den Organisateur vun enger Fussballweltmeeschterschaft ass ëmmer direkt fir d'Endronn qualifizéiert, brauch sech also net duerch eng Gruppephas dofir ze qualifizéieren. Esou ewéi dat och scho fir d'Europameeschterschaft 2016 bei Frankräich de Fall war, ass op Invitatioun da vum europäesche Fussballverband UEFA, de Katar an d'Qualifikatiounsronn vun den europäeschen Ekippen ageluude ginn. Datt hei nieft sportlechen Aspekter och kommerziell Iwwerleeunge matgespillt hunn läit op der Hand. Iwwregens huet de Katar och schonn 2019 bei der südamerikanescher Copa America matgespillt. Bei der Auslousung vun de Gruppen de 7. Dezember 2020, ass de Katar, aktuellen Asiemeeschter, dunn an d'Grupp 1 geloust ginn, zesumme mat den Ekippen vu Portugal, Aserbaidjan, Irland, Serbien a Lëtzebuerg. D'Matcher géint de Katar gëllen da fir déi géigneresch Ekipp als Frëndschafsmatcher, a fir de Katar als Preparatiounsmatcher op d'WM am November/Dezember 2021. D'"Heemmatcher" vum Katar ginn op europäeschem Territoire gespillt, am Fall vum Match géint Lëtzebuerg de 24. März 2021 war dat, wéinst Corona, zu Debrecen an Ungarn, an net ewéi ursprénglech geplangt zu Wien. De Retourmatcher géint de Katar ass dann de 7. September 2021 zu Lëtzebuerg virgesinn.

Wat dann elo de politesche Volet ubelaangt, esou suivéiert déi Lëtzebuerger Regierung d'Situatioun vun de Mënscherechter am Katar, an allgemeng an der Region vum persesche Golf, kritesch a schwätzt déi och systematesch a senge bilateralen Echangingen un. Dat wäert och weiderhinn de Fall sinn, onofhängeg vun, an iwwert WM-Qualifikatioun eraus. E Boykott vu Matcher géint Länner wéi de Katar ass awer net onbedéngt förderlech fir d'Mënscherechter an deem Land. Esou huet sech och rezent Amnesty International géint e Boykott vun der Weltmeeschterschaft am Katar ausgeschwat, an dëst fir net sënnvoll ugesinn. Amnesty setzt au contraire, éischer op Opmierksamkeet an Dialog.

Generell fousst d'Organisatioun vum Lëtzebuerger Sport um, deem am Sportgesetz verankerten, Prinzip vun der Autonomie. Déi Lëtzebuerger Regierung, an absëns de Sportsministère, respektiv den Ausseministère, souwéi seng Ambassaden a Konsulater, stinn ëmmer zur Verfügung am Fall wou eis Lëtzebuerger Sportler am Ausland untrieden, respektiv dann och, am Fall vun enger eventueller Gefor, fir eis Lëtzebuerger Sportler, a Bierger insgesamt, op der Plaz ze ënnerstëtzen, respektiv erëm zrëck an d'Land ze bréngen.